# Info - Blat

No 33
Dezember 2021

1933 – 2008
75 Joer Amicale

Amicale des Anciens Elèves de
l'Institut et du Lycée Technique Privé
Emile Metz asbl

www.amicale-ltpem.lu
amicale@amicale-ltpem.lu
CCPL LU65 1111 0233 3353 0000


**Léif Memberen a Frënn vun der Amicale.**

Mat grousse Schrëtt beweege mir eis op Chrëschtdag zou. En Doft vun Adventskranz a Chrëschtmaart läit an der Loft.

Leider war och dëst Joer nach vum Covid-19 markéiert. Am Verglach zu 2020 huet de Vaccin den Alldag e bësschen méi agreabel gemaach. Mir hoffen, dat de Covid Iech an äre Famill net getraff huet a wënschen e schéinen, besënnlechen Chrëschtdag a fir 2022, dass Dier mat ären Léifsten gesond bleift.

**14. Juli 2021 Remise des Certificats am fréiere Tramsschapp um Lampertsbierg.**


D'Amicale huet bei dëser Geleeënheet, dëst Joer, 2 « Élève Méritant », e Präis iwwerecht. Dat waren den Sven Dostert an den Joe Mackel alle béid aus de Klass DP3MM (Mécanicien de Maintenance)












**Am Juni 2021** huet eis den Här Romain Schons am Alter vun 55 Joer, Member, a Maître d'Enseignement Technique verlooss. De Rom, wéi hien vun de Kolleegen genannt gouf, e begeeschterten Enseignant war ëmmer hëllefsbereet an op fir all néi Iddien.



**Am August 2021** huet eisen eelste Member a fréiere Maître d'Enseignement Technique den Här Mathias Klein eis am Alter vun 92 Joer verlooss. De Mett, wéi hien genannt gouf, koum reegelméisseg a säin Institut. Mat grousser Begeeschterung konnt hien iwwert sei Beruf als Dréier op ARBED-Dummeldeng an am Institut erzielen.

Alle Béid wäerte mir als sympathesch Kolleegen an Erënnerung behalen.

**15. Juli 2021 Iwwerschwemmung.**

Obschonn d'Iwwerschwemmung vun dësem Joer net esou schlëmm am Verglach zu de Iwwers-chwemmung Ufangs de 90er Joren war, ass awer vill Schued entstanen. An de Gebaier B,C,D, (di nei Gebaier) stoung d'Waasser bis zu 20 cm an den Atelieren, an de Gäng, an der Mediathéik. Esou stoung d'Wässer och an deene Schief an deenen d'Amicale hiren Archive huet. Munches hat duerch d'Waasser an duerch d'Fiichtegkeet staark gelidden a konnt net méi verwäert ginn. Déi gerett Dossier a Fotoen goufen sécher stockéiet.



*virum B-Gebäi*



*Médiathéik*



**Ëmbauarbechten am C-Gebäi**

Iwwert d'Grouss Vakanz goufen am C-Gebäi gréisser Embauarbechten duerchgefouert. Um éischt Stack goufen d'Büroen vis-à-vis vum Restaurant a Schoulsäll emgebaut. D'Enseignanten sin elo a Büroscontainer ënnerbruecht.


d'Gebäier B-C-D mat de Containeren

**Ëmbauarbechten am E-Gebäi**

Och am E-Gebäi goufe gréisser Embauarbechten duerchgefouert.

De freiere Büro vun den Enseignanten gouf an zwee Labosräim emgebaut. Dee groussen Atelier (an der Lescht E12 bezeechent) gouf an e Computerraum (E12) an e Projetsraum (E13) emgebaut. De Meeschteren hiere Burö ass elo e Raum wou 3D-Printeren, Lasercutter asw. de Schüler fir hier Projetsarbechten zur Verfügung stinn.


*ale Büro Enseignaten Elektro*


*alen Elektro-Atelier E12*


*Annexe vum Projetsraum*
*mat 3-D Printeren E13.1*


*Computersall E12*

Am Raum E17.1 steet eng Industrieanlag déi vun de Schüler ka programméiert an iwwerwacht ginn. Den Enseignaten an de Meeschteren stinn elo Büroscontainer zur Verfügung. De SePAS (Orientation Scolaire) huet hei och eng Platz kritt well an nächster Zukunft d'Annex vum LPEM soll em- an ausgebaut gin.

*Containeren fir d'Enseignaten um réz d'chaussé*
*an d'Meschteren um éischte Stack.*
*De SePAS huet di zwee Containere lenks*




**04. Oktober 2021 – Visite vum Här Claude Meisch, Ministre de l’Education Nationale**

Bei engm Rondgang duerch d’Gebäier vum LPEM huet den Här Minister sech iwwert d’Schiëd, déi d’Iwwerschwemmung veruersacht huet, informéiert. Déi onbürokratesch Hëllefsbereedschaft ënnert de Memberen aus dem Emile Metz huet e besonneschen Androck hannerlos.




D’Embauarbechten am E-Gebäi an dat neit Material wat ugeschaaft gouf stuengen och op der Visite.



*d’Industrieanlag am E17.1*



*Computersall E12*

**Generalversammlung.**

Wéinst der aktueller sanitärer Situatioun huet de Conseil d’Administration décidéiert, d’Assemblée Générale vum *19. Januar 2022* op e spéideren Zeitpunkt ze verreckelen.

Mir hoffen op Ärt Verständnis a freeën eis drop vläicht am Fréijoer eis Generalversammlung wéi gewinnt (Versammlung, duerno Iessen am restaurant scolaire) ofhalen ze können



*Mir wënschen Iech an Ärer Famill*
*schéi Féierdeeg an e*
*glécklecht neit Joer*

